

WANDROUS

N° 349 Broochmount / Päischtmount 2014

Mai / Juni



Kënnt **5 mol pro Joër** eraus
Abonnement **25.00 Euro**
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
Chefredakteren: **Marc Jentges & Patrick Jénin**
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: **49 50 51**
<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*


Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroune op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengem alen Scoutsfrënn erëmgessais?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen den virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouter weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënnere se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméisseg Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënn gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedelen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréen mir ons iwvert en émoregen oder regelméisseg Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

FNEL 100 Programm:

fnel 100

AM KÄBER VUM CENTENAIRE FNEL 2014
PRÉSENTATION D'FNEI'S GRUPPEN

OP DER SICH NOM SUPERScout

TEXT & MISE EN SCÈNE
ANNE SIMON
ROM JEFFZ



100 fnel 100 ANS de Scoutisme au Luxembourg

**11. MEE 2014 MIERSCH
24. MEE 2014 DIDDELENG**

Op der Sich nom Superscout

Bis elo huet et ëmmer geheescht de Sir Baden Powell hätt d'Scoute gegrennt. Ma wat wier, wann dat alles vill më verhext wier?

Viru laanger, laanger Zäit, huet an engem klengen Duerf de Poli gewunnt. Leider war de Poli dat eenzegst Kand am Duerf an hat keen anere fir mat him ze spillen, an de Bësch op grouss Aventuren ze goen, oder Splichten ze dreiwien. De klenge Poli huet sech de ganzen Dag esou gelangweilt, dass en enges Moies, wéi seng Mamm amgaange war mat Kachen, hier de Bräilaffel geklaut huet an deem zwee Äen, e Mond, eng Nues an e puer Quere gemoolt huet, fir weinstens ee Spillkomerod ze hunn. Och wann deen (bis elo op alle Fall emol) stomm wor...

Duerch en zauberarten Zoufall (dee natierlech eréischt op der Veillée selwer opgekläert gëtt) taucht - mat vill Tamtam an enger riseger Sauerei an der literarischer Ravioliszoos mat verweckelt sinn - dem Poli säin zukünftege

Kolleg a Matbegrenner vun de Scouten op. Zesummen erliewen si di phantastescht Aventuren, begëinen enger verhexte Ravioli, a mussen zu gudder Lescht nach de Superscout sichen. Op se deen awer je wäerte fannen... Vläit mat ganz vill Hellef vun anere Scouten an Net-Scouten. Free Dech op en Owend voller Witz a Fantasie.

Mat dobäi sinn: Alina Noll Angie Schroeder Carine Kerschen Cathy Girardin Christine Guirsch Djuna Bernard François Venturini Georges Krombach Henri Schreiner Julien Konsbruck Kuno Merenz Lara Schneider Leonardo Kahn Lynn Graf Marc Jentges Michelle Kahn Ridge Rajaonah

11. Mee 2014 - 18h00
Mierscher Kulturhaus
93, rue G-D Charlotte
L - 7520 Mersch

24. Mee 2014 - 19h00
Op der Schmelz
1a, rue du Centenaire
L-3475 Dudelange

100 fnel 100 ANS de Scoutisme au Luxembourg

Live it Love it Scout it

1914 2014

Entrée: EUR 10 - Reduzéiert: EUR 5
Tickets: www.luxembourg-ticket.lu
Spektakel ob Lëtzebuergesch - Fir lessen an Drénken ass gesuergt

Eemol Scout, ëmmer Scout

Zesummen mat dem PostMusée gëtt eng Ausstellung vum 22. Mee bis den 31. Oktober 2014 organiséiert, wou Kleng a Grouss, d'Scoute an hir Frënn sech ee Bild maache kënnen iwwert 100 Joer Scoutismus.

Den Ausgangspunkt vun dëser Initiativ ass de Scoutstمبر. Ëmmer erëm war de Scoutismus e Sujet an der Philatelie. Bei dëser flotter Geleeënheet gëtt net nëmmen d'Geschicht vum Scoutismus an dem Timber erzielt, mä och deen een oder aneren Abléck an déi 100 Joer Scoutismus gebueden.

Een neien Scoutstمبر

Net nëmmen d'Philatéliste wäerten sech freeën, mä och all Scoutsfrënn!

Houfreg si mir op deen neien Timber, deen den 30. März 2014 bei der Inauguratioun vun der Fotosausstellung zu Munneref presentéiert ginn ass.

Datum: 22. Mee um 17h30 - Vernissage vun der Ausstellung "Eemol Scout, Ëmmer Scout"
Expo: 23. Mee - 31. Oktober 2014
Uert: PostMusée - Lëtzebuerg Gare

Datum: 30. März um 11h30 - Presentatioun vum Timber
Uert: Casino 2000, Munneref



Exposition temporaire 'Emol Scout, ëmmer Scout' du 23 mai au 31 octobre 2014

au PostMusée à Luxembourg-Gare

10, rue d'Epervier / place de la Gare à Luxembourg
Ouvert du lundi au vendredi de 13h00 à 17h00

Entrée libre

www.postmusee.lu



100 fnel 100 ANS de Scoutisme au Luxembourg

Live it Love it Scout it

1914 2014

Souche RoverWeekend 100: honnert@lionsbleus



Joerhonnert Rover-WE Mee 2014

*Ass geschwënn erëm e Roverweekend ?
Awer Honnert !!!*

Bass du Rover , Senior Scout oder Fossil Scout.... Ass och egal ! Mir huelen dech awer mat op den Joerhonnert Roverweekend.

Du bass motivéiert, hues keng Angscht am Donkelen, weess dech ënnert den dichtegen Léit ze behuelen, du bass Teamfähég, hues kee Samett op der Zong, du kenns all d'Faarwen, kanns liesen a schreiwen, an besonnesch Detailer gutt entzifferen dann däerfs du op kee Fall dëse grouse Kino verpassen !

Sief kee Pak a mell dech féx un !

Rendez-vous : **Samschdes den 24. Mee 2014** um 10h00
op der Dummeldenger Gare

Retour : **Sonndes den 25. Mee 2014** um 17h00
op der Dummeldenger Gare

Umeldung : du kanns dech bis Samschdes den **17. Mee 2014** umellen.

Mell dech per SMS op folgend Nummer 691 79 02 38 un mat der Mentioun « Ech si kee Pak + däin Numm » !

Aus organisatoresche Grënn huele mir keng Umeldung nom 17. Mee 2014 méi un !

Material : dat üblecht wat's de fir e Weekend braucht, vergiess däi kleng Rucksak fir den Trajet mam neidesche Material net, denk och un däi Wupp fir Sonndes ze grillen (net däin eegenen J)

EUROPAWAHLEN: Eng Navette gët Sonndes Moies organiséiert fir déi déi wëllen/sollen/mussen wielen goen!

*Mir freeën eis op dech !
Organoun 100*

LES LIONS BLEUS
SCOUTS ET GUIDES
DE BONNEVOIE
affilié à la FNEL

IBAN LU82 1111 0498 5493 0000
Boîte postale 1026 / L-1010 Luxembourg
Siege social: 61, rue du Pulvermühl / Bonnevoie


Pëngschtcamp 100

LX,SG,EX,RO,AM



Virun 100 Joer hun sech déi éischte Kéier couragéiert Amateurscouten op der Heedekëppchen getraff vir d'Lions Bleus ze grënnen. 100 Joer hu mir elo schon. Gett gesoot... An dëst feieren d'Lions Bleus natirlech dest Joer och!! Daat muss natirlech gefeiert gin an zwar mat dir zesummen. Am Kader vum Centenaire vun de Lions Bleus, wärte mir en spektakuläre Camp hun deen eenzegarteg an allen Hisiichten wärt gin! Alles waat een iergendwei mat „100“ kann maachen. Wärten mir ennert d'Lupp huelen! Weltrekorder gi gebrach an opgestallt, Arennerungen vun 100 Joer kommen erop an du bass mat dobai!

An natirlech sin d'Beaver och dobai. Wells du awer nach net kanns an engem Zelt schloofen, këns du den 9. Juni 2014 vir mat eis en flotten Daach ze verbrennen. Mell dech also séier un well 100 Joer feiert een nemmen eemol an wann et bis laancht ass, wärt een bereihen dass een net dobai war!



Wéini: Samstes, den 7. Juni 2014

Scouten, Explorer & Rover: RV um 09.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg
SG/EX müssen **Pic-Nic matbrénge** fir **Samstes-mëttes!!!**
Wëllef: RV um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg
Retour fir jiddereen: Dëschdes, den 10. Juni 2014 RV um 16.00 Auer beim Home LBB


Präiss:
 50€, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 31. Mee 2014, op den Compte: Les Lions Bleus-Rover
 (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mention "PC'100+Numm vum Participant"

Material?

Uniform, Schloofsaack & Carrymatt fir dobaussen, Schwammsaachen, Gamelle & Kichenduch, Täschenluucht, Biergschong, liicht Schong, Wäschaachen, Pijama, dem Wieder ungepassten Kleeder & Ersatzkleeder, Sonnencreme & Kaap, dem Wëllefchen séng 5 Saachen...? --> Jumboskaart, Ego-Kaart oder 1 Rouden Ticket.

Souche?

D'Souche ass oofzeginn bis spéidstens den 31. Mee 2014 bei dengen Cheffen!!! Dono geet keen méi mat :(



Heimat erlaaben ech méngem
 Wëllefchen, Scout, Explorer um
Pëngschtcamp 100 den 7.-10. Juni 2014 deelzehuelen,
 iwwerweisen d'Suen am Délai an reechen d'Souche mat Zaiten a



Ënnerschrëft


Pëngschtsortie100

BV



Virun 100 Joër hun sech déi éischte Kéier couragéiert Amateurscouten op der Heedekëppchen getraff vir d'Lions Bleus ze grënnen. 100 Joër hu mir elo schon. Gett gesoot... An dëst feieren d'Lions Bleus natirlech dest Joër och!! Daat muss natirlech gefeiert gin an zwar mat dir zesummen. Am Kader vum Centenaire vun de Lions Bleus, wärte mir en spektakuläre Camp hun deen eenzegarteg an allen Hisiichten wärt gin! Alles waat een iergendwei mat „100“ kann maachen. Wärten mir ennert d'Lupp huelen! Weltrekorder gi gebrach an opgestallt, Arennerungen vun 100 Joër kommen erop an du bass mat dobai!

An natirlech sin d'Beaver och dobai. Wells du awer nach net kanns an engem Zelt schloofen, kënnst du den 9. Juni 2014 vir mat eis en flotten Daach ze verbrennen. Mell dech also séier un well 100 Joër feiert een nemmen eemol an wann et bis laancht ass, wärt een bereihen dass een net dobai war!



Wéini Retour

Méindes, den 9. Juni 2014 um 09.00 Auer beim Home LBB

Méindes, den 9. Juni 2014 um 18.00 Auer beim Home LBB

Präiss

10 € sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 31. Mee 2014


op den Compte: Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 0000) mat der Mention "PS 100-BV+Numm vum Participant"

Material


Klenge Rucksack mat Bidon (mat Waasser), Bic&Block, Sonnecrème&Kaap, K-Way, dëck Schong, dem Wieder ungespasste Kleeder an 1 Rouden Ticket/Jumbokaart/E-Go Kaart

Souche

Ass oofzeginn bis spéidstens den 31. Mee 2014 bei dengen Cheffen!!! Dono geet keen méi mat :(



Heimat erlaaben ech méngem Beaver
..... op der **Pëngschtsortie 100** den 9. Juni 2014
deelzehuelen, iwwerweisen d'Suen am Délai an reechen d'Souche
mat Zaiten an.



Ënnerschrëft

Buttondag!

16. Juni 2014



Den 16. Juni 2014 ass Buttondag!

All Member vun den Lions Bleus kritt ee Button per Post geschéckt.

Ët wier flott wanns du dësen Button den 16. Juni géifs unspengelen als Zeechen dass Du ee Lions Bleus bass an mir ons 100 Joer feieren!

Flott a spannend soll ët gin....

Iwwert den Facebook gët een Concours gestart wous du deng beschten Foto kanns posten. Un dir ass et den Button cool an Szene ze setzen an ën ob eng witzeg Manéier unspengelen.

Déi originellsten Foto gewënnt natiirlech ee Präis....nee, mir verroden näischt, ët ass eng Iwwerraschung!

... an déi 100 Bescht kommen an onsen Almanach! Allez mach mat, dat gët bestëmmt witzeg!!!!

Ab dem 16. Juni www.facebook.com/lionsbleus

Den Button gët hiergestallt zu Betzder am Institut Saint Jospeh!

MERCI FIR D'ENNERSTETZUNG!
D'Organioun100

Kommt alleguer bei eis e gudden
**Lions-Linger &
Mett-Wirscht**
vum echtem Holzgrill iessen :)

22.Juni 2014 ab 12 Auer

an der Groussgaas beim Metzler Kaiffer
(77 Grand Rue L-1661 Lëtzebuerg)
fir Gedrènks & Musèk ass gesuergt



fnel   
scouts & guides

Souche Faakelzuch

Souche Faakelzuch



© Patrick Jénn

FAAKEL- ZUCH 2014

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Sonndes, den 22.Juni
bei der Metzlererei Kaiffer op 77,Grand Rue
L-1661 Lëtzebuerg

Dèi genee Auerzäit kënn nach no,
vue-que dat nach nët fest steet wou & wëini ët
lass geet mam Cortège !



© Patrick Jénn

Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover,
d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:
donkelblo Box
mat Uniformshiem, Foulard
Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap

OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn !
Wou & wëini deen ass gi der nach gewuer, allerspëtstens um Départ :)

D'Souche ass bis spëtstens den 14/06/2014 bei dëngem Chef oofzeginn !!!

Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!



Jo ech.....

ginn och dëst Joër 2014 mat op de Faakelzuch.
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



Elterenënnerschrëft

De Rendez-Vous ass fir Beaver/Wëllef/
Scouten/Explorer & Rover um **16:00 Auer**
& fir Elteren/Famill/Amicale & Frënn um
18:30 Auer



Menü 1 --> 30 €

Apéritif - Entrée - Schwainshax - Dessert

Menü 2 --> 25 €

Apéritif - Entrée - Kotlett - Dessert

Menü 3 --> 20 €

Apéritif - Entrée - Lionlinger - Dessert

Menü vir Kanner bis 18 Joer --> 15 €

Apéritif - Lionlinger - Dessert

D'Souche ass oofzegin bis den **28. Juni 2014**, souwéi de
Montant ze iwwerweisen ass op de Compte **Les Lions Bleus**
a.s.b.l. - Rover CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000
mat der Mentioun (Leiwefest + Numm vum Kand)

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOU

Ech mellen mech an meng Famill /
Frënn / Kolegen gären zu Erwuessener & Kanner vir
d'**Leiwefest 2014 (5.7.2014)** un an reservéieren gären

..... mol de Menü 1 --> 30 €

..... mol de Menü 2 --> 25 €

..... mol de Menü 3 --> 20 €

..... mol de Menü vir Kanner --> 15 €

an iwwerweisen de Montant vun rechtzeitig op den richtigen,
uewegenannten Compte.

Ennerschreft:.....



Bayreschen Owend

5. Juli 2014

Speisefolge

= Weißwurst mit süßem
Senf & Brezel

= Schweinshaxe oder Kotlett
mit gebratenen Erdäpfeln

für unsere kleinen Gäste:
Bratling mit gebratenen
Erdäpfeln

= Apfelstrudel

Begleitet von echtem
bayrischem Bier vom Fass

Traditionell Leiwefest am Thema Bayern



Jubiläumsfeier zum 100 = jährigen
Geburtsdag & Fotogallerie vun de leschten
Joëren

MIR FEIEREN 100 JOER LIONS BLEUS!

Een Versprieche, een memorablen Roverweekend, en Pengschtcamp, en Léiwenfest,...an vill aner Aktivitéiten ganz am Zeechen vun onsem 100.Gebuertsdag!

12 ABRÉLL 2014: LANCEMENT VUN DEN 100JOER LBB

24-25 MEE 2014: ROVERWEEKEND

7-10 JUNI 2014: PENGSCHTCAMP ZU BOUNEWEG

16 JUNI 2014: BUTTONDAG

5 JULI 2014: LÉIWEFEST_HOME LBB

18 SEPTEMBER 2014: AG FNEL_HOME FNEL

21 SEPTEMBER 2014: REUNION DES CHEFS_HOME FNEL

29 NOVEMBER 2014: OFSCHLOSSFEST

Hal dech um lafenden: lionsbleus.lu

Summercamp TOGETHER:

fir LX/SG/EX/RO

together 2014

Live it, Love it, Scout it



together 2014
creating a better world
LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

A knapp 3 Mèint ass ët esou wäit, dann treffen sech 1250 Wëllef, Scouten, Explorer a Rover um **together 2014**. Ganz frou si mir iwwer déi 360 Frënn aus dem Ausland. Um Pow-Wow kommen dann nach eng 150 Beaver dobai.

Ganz vill Aarbëscht gouf schon vun all den Ekippen geleescht, mee do bleift nach vill ze maan fir dat de Camp zum Super-Mega-Event gët.

Den Terrain ass färdeg ugséit a geschwënn geet ët lass mat den Infrastrukturearbëschten, wéi Waasser, Elektrëschen an Indentance. Beim Programm laafen elo déi letzt Préparatiounen fir Hike, Sport, Visiten & Pow-Wow...

Ouni déi Hëllef vun all de Fräiwëllegen & Sponsoren wär de Camp secher nët méiglech ... all hinnen e grouse MERCI

Mat voller Freed, Energie a Spannend freeën mir eis op Ierch all an e puer Wochen um **together 2014** ze begrëssen ze kënnen.

Wou, wëini & fir wien?

Lëtzebuerg-Kirchbierg / 17-26.07.2014 / BV,LX,SG,EX,RO

Beaver (1Daag),

Wëllefcher (4 Deeg),

Scouten/Explorer/Rover (10 Deeg)

Beaver --> Détailler & Präiss ginn mer nach gewuer

Lions Bleus

sinn mat dobai mat:

> 59 Lèit

**bei de Beaver, Scouten, Explorer,
Rover an am Staff**

Präiss?

Denkt drun ären 2.Acompte un FNEL ze bezuelen:

LX --> **120 Euro** --> Acompte 2 = 50€ bis den 25/05/2014 --> Solde = 50€ bis den 20/06/2014

SG/EX/RO --> **300Euro** --> Acompte 2 = 150€ bis den 25/05/2014 --> Solde = 100€ bis den 20/06/2014

op FNEL scouts camp together > BGL-BNP Paribas IBAN Lu09 0030 8856 7502 0000

Camp T-shirt & Fiche médicale?

WICHTEG!!! Denkt drun är Souche fir d'Bestellung vum T-shirt & Fiche médicale mat Zäit un d'FNEL eranzeschëcken !!! Détailler fann der an ärer persëinlecher Campzeitung (post-it 02)

Weider Informatiounen?

Post-it 02 / www.fnel.lu oder www.facebook.com > together 2014



Feier mat eis 100 Joer Scoutismus zu Lëtzebuerg!

Save the date!

Mäerz	30	"Rencontres photographiques" - Vernissage vun enger Fotoausstellung - Munneref
Abrëll	26	Gala Dîner - homeFNEL
Mee	4	"Vide Grenier" - BA zu Gonschte vum 25. Gebuertsdag vun der ONGD-FNEL - Stad
Mee	10	"Marche gourmande" - Stad
Mee	11	Op der Sich nom Superscout Veillée nomade - Miersch
Mee	22	"Eemol Scout - Ëmmer Scout" - Vernissage Expo am PostMusée
Mee	24	Op der Sich nom Superscout Veillée nomade - Diddeleng
Juli	17	together2014 Ouverture vum Camp - Kierchbiërg
Juli	20	POW-WOW - Kierchbiërg
Juli	20	Geocaching Event um Camp - Kierchbiërg
Juli	26	together2014 Ofschloss vum Camp - Kierchbiërg

Nieft dësen Aktivitéite stinn nach eng sëllegen aner Evenementer an Iwwerraschungen
am Kalenner, iwwert déi mir Dech wäerten d'Joer iwwer informéieren.
Wëlls Du um Lafende bleiwen ? www.fnel.lu.

Et ass fir jiddereen eppes um Programm.

Programm Beaver

BV - Programm



Mee

3.	Beaver on tour	09.30 - 17.15
17.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
31.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00

Juni

9.	Pengscht-Sortie	
28.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00

Juli

5.	Léiwenfest	
20.	Pow-Wow (Together)	

SCHEIN SUMMERVAKANZ :-)

September

20.	Gruppenversammlung	
-----	--------------------	--



Beaverklack

Lena & Nora & Alizée & Maiti

Programm Wellef

Lx - Programm

Mee

10.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00
17.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00
31.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00

Juni

7.-10.	Pengscht-Camp	
22.	Faakelzuch	
28.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00

Juli

5.	Léiwenfest	
12.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00
17. -20.	Together Camp fédéral centenaire FNEL	
20.	Pow-Wow (Together)	

Schéin Sommervakanz

September

20.	Gruppenversammlung	14.00 - 17.00
27.	Wellefchersversammlung	14.00 - 16.00



Lenks Patt

Breeze, Claude, Michel, Sophie, Fennec

MEE

- | | | |
|-----|---|-------------|
| 03. | Patrullenversammlung
LeadershipSortie vum Aleksis & Harry | 14:00-16:00 |
| 10. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Truppenversammlung
'Grand-Prix de la Patrouille' | 14:00-16:00 |
| 24. | keng Versammlung --> RoverWeekend
mais LeadershipSortie vum Justin & Felix | |
| 31. | Truppenversammlung
'Préparatioun Pëngschtcamp' | 14:00-16:00 |

JUNI

- | | | |
|---------|-------------------------------------|-------------|
| 07.-10. | PËNGSCHTCAMP | |
| 14. | keng Versammlung --> Pëngschtvakanz | |
| 16. | BUTTONDAAG 100Joër LBB | |
| 21. | evtl. Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH & LBB-GRILL | |
| 28. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

JULI

- | | | |
|---------|-------------------------------|--|
| 05. | LËIWENFEST | |
| 12. | keng Versammlung | |
| 17.-26. | TOGETHER Camp centenaire FNEL | |

AUGUST

Grouss Vakanz :)

SEPTEMBER

- | | | |
|-----|--------------------|-------------|
| 20. | GRUPPENVERSAMMLUNG | 14:00-17:00 |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |



together 2014

creating a better world

LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP



Atra/Tamia/Soa/Nicolas/Christophe/Mauro

Programm Explorer

EX - Programm



Mee

17.05	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home
24.-25.05	keng Versammlung --> Roverweekend		
31.05	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home

Juni

7.-10.06	Pängschtcamp		
22.06	Faackelzuch & LBB Grillstand		
28.06	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home

Juli

5.07	Lèiwenfest		
17.-26.07	Together ,Summercamp'		

August

Grouss Vakanz :)



September

20.07	Gruppenversammlung	14-17 Auer	
27.09	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home



Fir d'Unitéit :
Tameng/Grizzly/Laurent/Eric

TECHUANA WANTER 2014

Freides den èischten Dag hun mer eis Skisaachen matbruecht. Nodeems jiddereen ukomm wor hun mer och schon alles gepaack an d'Autoen an an den Unhänger gelueden. Dono hun mer eis am Dortoir installèiert an giess. Nom lessen goufen nach d'Chargen gemaach, nach e bësselchen zesummen geschwaat. Dun huet èt geheescht an d'Penntuut ze goën, well muer den moien sollten mer mat Zäit opstoën.

Samstesmoies gèint halwer 5 sinn mir opgestaanen. Dono hun mer wèi op all Camp eis Saachen zesummen gepaack, sou wèi den Schloofsaack gepaack. Nodeems mer gefrühstückt haaten, goufen d'Chargen schnell gemaach, gebotzt an eisen Home gecheckt. Dono sinn mer an d'Autoen geklommen an dun ass èt lass gang Richtung Techuana. Mëttes gèint 13 Auer hun mer dun ënnerwee giess, dono ass èt nees weider gang.

Während der Fahrt goufen natiirlech e puer Pausen gemaach. Gèint 18 Auer sinn mer dun endlech an Techuana ukomm an den Eric wor schon do (hien koum vun der Uni vun Wien eriwwer gefuer) an haat schon e bëssi Schnèi geschëppt. Soubaal mer richtig ukomm sinn gouf doheem bescheed gesoot dat mer gudd ukomm sinn an dono direkt weidergeschëppt, sou dat mer d'Autoen konnten parken. D'Kachekipp huet währenddessem schon ugefaangen mat kachen. Mir hun nom schëppen d'Valisen an den Dortoir gedroën, Material eran bruecht an kleng Installationsaarbëschten gemaach. Schon wor d'lessen färdeg an mir kruuten eng gudd Portion Spaghetti ze frupsen. Dono goufen d'Chargen gemaach an mir sinn och kuerz dono an d'Bett gefall. **SAM**

Sonndesmoies ass èt bëssi mèi spët aus dem Schloofsaack gang wèi den Recht vun der Woch. No engem relaxen Frühstück ass dann emol ungerappt ginn mat den Chargen, well dono stoungen nach puer aaner Aufgaben um Programm dèi ze erleedegen waren. Et wor nach Feierholz ze reissen fir dèi ganz Woch, een Waasserschlauch ze leen vun der Quell bis an d'Kichen an e puer aaner Aufgaben... Fir Techuanaverhältnisser war èt richtig warm, esou +3 Grad an dofir huet èt leider gereent waat natiirlech nèt esou erfrielech wor fir den èischten Dag. Nodeems mer eis dun mat e puer gudden Kniddelen gestärkt haaten, sinn mer erop op een aalt Skigebitt (Villacher Alpe) eropgefuer wou keen Skibetrieb mèi wor mat der Hoffnung dat èt do nèt reent. Do uewen ukomm, sinn mer spadzèiren gang an hun eis am Niwwel mam Schnèi umusèiert. Wèint deem schlechten Wieder waren mer dun awer schnell er!m fort, an sinn dun an een aalen verqualmten Café nach een drénken gang. Owe hun mer eis Saachen fir den aaneren Dag (Skisaachen & Schwammsaachen) gepaack an kruuten kuerz drop en gudden Huettenschmaus ziesen. Dono nach schnell gespullt an schon sinn mer schloofen gang. **FELIX**

Mèindes nodeems mer moies um 7:15 Auer opgestaanen sinn, dèi eng Patrull den Dësch gedeckt haat an an den Carré komm ass, sinn mer dono zesummen iessen gang. Dann gouf gespullt, d'Friesskëscht an den Unhänger gepaack an lassgefuer Richtung Kanzelhöhe zu Gerlitz. Bis elo wor d'Wieder nach akzeptabel, èt huet geschnèit mee èt wor nèt ze kaal an keng Loft. Wou mer dun um Ufank vun der Biergstrooss ukomm sinn ass den Landcruiser mol weiderefuer, opwuel mer keng Schnèiketten drop haaten (dank dem 4x4). Währenddeems huet èt wèi aus dem Nichts ungefaangen kräfteg ze schneien, an èt ass gefall an gefall! Èt lounen schon gudd 1,8m Schnèi an èt ass ëmmer nach mèi ginn. Den Wand huet och nèt nogelooss, d'Beem hun gekraacht an geknaxt, an een Schnèikoup nom aaneren ass vun den Beem eroofgefall komm. Wou mir dun bei der Barrière ukomm sinn, stoungen och schon puer Camionetten hannert en aaner fiir eroof awer op der aanerer Säit vun der Barrière, dèi nèt mèi gang ass wèint dem Stroumausfall. Dun hun mir vun der Platz an Paus profitèiert fir och d'Schnèiketten opzeleen, waat dèi aaner ënnen am Duerf gemaach haaten. Sou hun mer bescheed gesoot sie sollen waarden, well Barrière zou wier. Sou sinn mir iwwer dèi verschneiten Strooss eroof gefuer bei dèi aaner fir ze kucken waat mer maachen sollen. Do ënnen ukomm, sinn dann och kuerz dono dèi Camionetten eroof komm, waat jo heeschen sollt dat erëm alles geet. Mat voller Motivation sooten mir eis dun, daat geet jo lo nees dann fueren mer lo och dorobber op den Biereg. Mol nèt bei der Barrière ukomm, lounen lauter Baamspëtzen am Wee an een domm op enger Stroumleitung. Mir also nèt domm, eis Handsee & Axt aus dem Auto geholl, alles kleng gemaach bis op deen Baam. Kuerz drop waren och schon d'Retter in der Not do, sougenannten Pont et Chaussee. Si hun d'Äscht mat der Motosee ewech geschnidden, sou dat mir mat eisen Autoen an dem Unhänger ënnendrenner erduerch konnten fueren. Mir sinn all bis bei d'Barrière gefuer, mir waren do, du koum den Touareg awer d'Camionette huet nach gefeelt. Mir also gewaard, dun iwwer Funk Schnèiketten futti gefuer. Sou koum den Tahr mat der futtisser Ketten erop,

dèi hun mer dun och nach geflèckt an nees montèiert, schon koum d'Camionette dun och erop. Voilà lo wor jo alles gebongt an mir hätten kèinten weider fueren, mee d'Wieder wor nach ëmmer nèt besser ginn an mir haaten mat Lèit geschwaat dèi vun uewen eroof gefuer komm sinn. Èt wor misérabelt Wieder, Niwwel an ausserdem houngen d'Beem sou voller Schnèi, dat direkt nees eng Spëtzt oder zeguer e Baam hätt kënne emfaalen oder oofbriechen. Mir woren all zopnaass, erschöpft an haaten an sèch och keng Loscht mèi fueren ze goën, sou sinn mer zerèck an Techuana gefuer an daat waarmt an dréchend Home. Duerch den dècken Stuerm nees eroof vum Bierg, d'Schnèiketten oofgeluecht an op dèi verschneiten verloossen Camp-plaatz gefuer, wou mer kuerz virum Ziel den Tahr nach emol hun missen undrècken. Lo woren mir um Camp, mee ons Kachekipp haat ähnlech Problemer wèi mir an hun ons nèt wàit ewech vum Home zur Hëllef geruff, also sinn mir vum Camp aus mat der Motosee hinnen den Wee fräi maachen gaang an konnten kuerz drop all zesummen (mat bëssi Verspèidung) zu mëtteg iessen. Mir hun eis Chargen gemaach an sinn dun mat Zäit an d'Piscine gefuer an konnten do sou richtig profiteieren an hun eis och gudd amüsèiert. No deem ustrengenden Dag kruuten mir nach een leckeren Chili ziessen, an sinn dun bessi granzeg (well mer keen Ski fueren konnten) awer mat engem gudden Gefill (well mer alles iwwerstaanen hun) angeschloof. Alles an allem wor èt een richtigen AdventureDay wou Jiddereen vill gelèiert huet, an mir wärten nach an puer Joer iwwer deen Daag schmunzelen. **MAX**

Dëschdes sinn mir wèi all moien um vèirel op siewen opgestaan, um vèirel op acht am Carré an dono giess an d'Chargen gemaach an dono konnt èt lass goën. Voller Freed (no der ganzer Geschicht vun gëscht) sinn mir dann Richtung Katschi gefuer. Mir hun all ouni Problem eist Ziel ereecht an dun wor èt sèier op d'Pist gaang. Mir sinn den ganzen Moien gefuer an um vèirel fir eng sinn mir bei Autoën iessen gaang. Wou mir saat waren ass èt rëm weider gaangen op d'Pist. Um vèier Auer haaten mir eis all bei der Hütt getraff fir zesummen een Schoki oder... ze drénken. Wou mir dun drèchen woren sinn mer bei eis Autoën gefuer. Um halwer siewen sinn mir nees an Techuana ukomm an schon gouf èt ziessen. Leckeren Currypoulet mat Spätzelen an Geméis. Dono woren schon e puer Lèit schloofen, dèi aaner soutzen nach zesummen do ze spillen an ze schwätzen. Dono ass all Mënsch schloofen gaang. **KETTY**

Mëttwochs nodeems mir moies schon um 7:15 Auer opgestaanen sinn, hun mer ons gèint 8 Auer am Carré zesummen fonnt. D'Patrull 'Lawin' huet hieren neien Kreesch ausgefèiert an d'Patrull 'Schnèi' llicht iwwer-dubbert andeems sè sè all emgeheit hun. Wèi mer dun alles erklärt kruuten vum Dag, konnt den Dag starten mam Frühstück. Dono hun mer alles an den Autoën verstaat (eis mat abegräff) an sinn lassgefuer op Gerlitz (2.Versuch). Mir haaten èt schon baal gepackt bis erop, an hun dun awer missen d'Schnèi-ketten op der Camionette opleen. Wèi den ChouchMobil dun erëm um Rullen war, wor den Recht vum Wee keen Problem mèi an mir hun eis direkt bei der Pist geparkt. Mir hun ausgelueden an all eist Ski-Equipement ungedoën, fest-geschnallt an sinn op d'Pist gaang. Do hun mer eis des kèier just an zwou Ekippen opgedeelt. Ekip Grizzly & Ekip Tamia/Pako, dèi dun gèint 11 Auer ungefaangen hun d'Pisten onsécher ze maachen. An der Mëttes-stonn hun mer eis nees all getraff fir zu mëtteg ziessen. Deen Ufanks schèinen an sonnegen Daag haat sèch an een verniwwelten Daag verwandelt, wou mer giess hun. Èt gouf wèi all Dag Schmieren, Uebst an eppes sèisses fir dono (dës kèier Kèistaart). Frësch gestärkt an mat neier Kraaft sinn mer nach fir e puer Stonnen op d'Pisten fueren gaang, wou mer eis gudd amüsèiert hun. Den Tameng ass mëttes nèt mèi matgefuer, mee ass trëppelen gaang) mir hun eis all nom fueren am Gipfelhaus getraff fir nach eng Taass Schoki ze drénken. Dono sinn mer eroof bei d'Autoën gefuer, e Balisto giess an vun do aus an d'Piscine gefuer. Do sinn mer dann geschwommen, getaucht, gerutscht an evtl hun mer geschweest an der Sauna. Rëm doheem ukomm hun de Chouch, Maki & Manul ons lecker Rouladen zervèiert. No den Chargen ass dun lues an lues jiddereen an den Dortoir angedrèpst komm an huet sèch op sèng zwéi Oueren geluecht. **CIARAN**

Och haut Donneschdes um 5.Dag an Techuana huet den Wecker eis erëm um vèirel op siewen aus eisem Schloof gerappt. An wèi gewinnt hu verschiddener mèi laang gebraucht fir ze booten, awer um vèirel fir aacht am Carré war jiddereen op. Nodeems och endlech jiddereen sàin Foulard un haat, all Patrull hir Kreescher gemeet hun, konnt den Fändel eropgezunn ginn an de Plang vum Dag gezielt ginn. Lo ass èt sèier eran an den groussen Saal gaangen fir Dëscher ze decken an eis fir den moien ze stärken. Nom iessen huet d'Patrull Schnèi gespullt an d'lesskëscht gepaack, dèi aaner hun d'Remorque gepaack, an d'Ween fir d'Piste prett gemeet. Em 9 Auer konnten mer dun endlech an eis Autoen setzen, an Richtung Pist fueren. Ennerwee hun mer just eng Paus gemeet fir d'Ween erëm eng kèier voll ze tanken, haut hu mer keng Paus missen maachen fir Schnèiketten op ze leen.

. Nom Tanken ass den Trajet weider gaangen, mir sin laanescht Bad-Kleinkirchheim bis op d'Turracher Höhe gefuer, eent vun den flottsten Ski-Gebiiter aus Kärnten. Endlech uewen um Biereg ukomm ass d'Sich no enger geegenter Parkplaatz wou mer och mëttes iessen kënnen, lass gaangen. Den Tameng ass fiirgefuer an huet op dem Parking wou mer dèi lescht Joeren och ëmmer stoungen, genuch Plaatz fonnt. Wèi mer geparkt waren, ass d'Remorque och erëm sèier ausgelueden ginn, d'Ski-Schung ungedoen an dèi eidel Këschten erëm ran. D'Ekippen waren sèier gemeet an ët ass endlech op Pist gaangen. Mir sin moies just op der Rietser Sait gefuer, mir wollten onbedingt mam Seetaxi iwwer den Sèi op dei aaner Sait, mee well den Weitental-Lift leider zou war, konnten mer nèt dèi ganz Sait vum Gebiit maachen. Pünktlech fir vèirel op eng hun mir eis erëm all bei den Autoen getraff fir z'iessen, den Dësch ass erëm gefëllt ginn an d'Pärdsremorque ass erëm genotzt ginn fir Waaser ze kachen an sèch bëssen virum Wand ze schützen. Gèint vèirel op zwou ass erëm alles angepaack ginn an ët ass erëm op Pist gaangen, lo op dèi aaner Sait. Als èischt sinn mer Richtung Nockyflitzer gefuer, deen awer leider och zou war. (leider loung en voller Schnèi) Gèint 4 Auer wollten mer eis amfong an der Hütt an der Mëtt vun der Pist treffen, mir haaten nach eng vèirel Stonn Zäit an hun dun decidèiert fir nach eng leschten kèier eroof ze fueren, waat sèch kuerz drop als Feeler erausgestallt huet. Als lescht Pist haaten mer d'Übungswiesenabfahrt ausgesicht, den Tameng ass fir gefuer an ech kuerz hannen drun. Dun an enger Kèier an der Mëtt ongefiir wollten mëng Snowblades nèt allenzwee paralell fueren an deen rietsen huet en Tour mèi gedreint wèi den Rescht vum Knèi. D'Resultat war dat ech eng Rees mat enger Ambulanz bis eroof op Bad-Kleinkirchheim gewonnen haat an dèi aaner sèch en aaner Hütt hun missen sichen fir een Schocki ze drénken. Beim Doktor huet sèch dun sèier eraus gestallt dass ech nach eng kèier mat engem bloën Aan dovun komm sinn ;-), mee mam Skifueren waar ët fir mech eriwwer. Wèi mer owes mat enger klenger Verspèidung endlech erëm an Techuana waren, ass den groussen Sall nach preparéiert ginn, well haut gouf ët dèi traditionell Këisfondue. Nom lessen goufen erëm dèi gewinnnten Chargen gemeet an den Owend gouf gemittlech ausklengen geloos. **TAHR**

Freides **CATHERINE**

Den Samsten sin mir frèi op gestaanen an sinn baal diräckt noom moies iessen an d'Autoen gelaaf. An den Autoen war ët den moien ganz roueg an baal alleguer hun sè geschloof. Mir sinn dèi èischt kèier stoën gebliben fir Schoofen ze tauschen an en Stëck Hunechkuch ziessen. Dono sinn mir duech gefuer bis bei d'Mëttesplaz. Do hun mir dann an gudd Schmier mat fillem drop giess. Dann sinn mir weider gefuer. Mir sinn beim Home ukomm wou ët schon dëschter woor. Mir hun ons Saachen ausgepaack an sinn an den groussen Sall gaangen fir en Apéro ze drénken (lecker Almdudler). Dono sinn mir an den Restaurant gefuer an hun an engem privaten Raum giess. Dono sinn mir zerèck an den Home gefuer an hun nach am groussen Sall geschwaat. Dono sinn dèi lèscht och rop an den Dortoir komm fir ze schloofen.

Sondes hun mir nèt mèi sou vill gemeet. Den moien ass den Atraa ons moies Kichelcher riwwer bréngen komm an huet mat ons moies giess. Dann hun mir ons an Gruppen angedeelt fir ze spullen an sou weider. Dann hun mir gespullt an hun ungefaangen den Houm ze botzen. Mir hun d'Houm gekiert, d'Saachen an d'Schief an geraumt. Garage gouf opgeraumt. Skisaachen raus bruecht. Dann wou mir färdech woren hun mir en Krees gemeet an hun schein des adios gesongen an hun ons Saachen geholl an sinn midd an sténkeg heem gaang. **ALEKSIS**

Rapport Scouten Ouschtercamp

Scouten

OUSCHTER CAMP-VOLANT TROUPE

D1

Den éischten Dag hu mir ons géint Mëttes virum Home getraff, fir ons virzebereeden op dësen groussen Dag. Wou mir, d'Lions Bleus offiziell eisen honnertsten Gebuertsdag gefeiert hun. D'Idee war fir mat den Invitéen op d'Heedekëppchen ze trëppelen mat klengen Statiounen ënnerwee, fir hinnen ze weisen, wéi e puer bouneweger Jongen d'Lions Bleus gegrënnt hun. Am Home hu mir all ons aal Scoutskleeder zesummegeluecht, fir ze kucken dass jiddereen eppes huet. Dono hun mir nach een Photoshooting gemaach mat eisem Gepäck, mat eisen Patroullefändelen an den 100ten. Wéi d'Invitéen dun ukomm sinn, si mir op ons Posten gaangen. Den Alexis an ech waren den éischten Posten, an sinn mat zwee alen Rucksäck mat den Invitéen mat getrëppelt an hunn "Héich de Bockel voll Gepäck" gesongen. Op der Heedekëppchen goufen dun Rieden gehaalen. Dono hun mir nach eppes Klenges z'iessen kruut, bëssen gesongen an sinn dun zerëck bei eisem Home gaang wou mer den owend gemiddlech ausklengen gelooss hun beim Feier an dun war den Dag scho gelaf.

Charel Simonis

D3

Moies si mir zu Dippech bei den Dachsen op gestanen. Dunn hu mir zu moies giess an ugefangen alles ofzeriichten an den Home ze botzen. Dono kruten mir eisen éischten Message an e wor nees erëm bei enger Kierch. No enger Zäit hu mir eraus fonnt dass ët d'Kierch vu Riedgen war. Also hu mir eis op den Wee gemaach mat dem Atra sèngem neien Hond. Zu Betten op der Mess ass den Hond op emol midd ginn an e wollt nët méi goën also hu mir den Atra ugeruff fir e sichen ze kommen. Dunn hu mir eng kleng Paus gemaach, bis dass en oofgeholl ginn ass. Du si mir weider getrëppelt bis dass mir op emol hongereg gi sinn an eng Mëttespaus gemaach hunn. Nom lessen hu mir rëm ugefaangen ze trëppelen. Mir sinn dunn no enger laanger Zäit endlech zu Riedgen bei der Kierch ukomm. Do hu mir en aneren Message fonnt: eng Foto vun der Kierch vu Recken op der Mess. Dunn si mir dohinner gaangen an hun den nächste Message gesicht. Wéi mir en fonnt hun war ët nët eng Kierch, mee ët war een Deel vun enger Kaart mat engem Kräiz drop. Mir sinn dunn op Éileng getrëppelt. Wéi mir endlech zu Éileng waren hu mir nët gemierkt dass daat Haus niewend eis, eis Schloofplaatz war. Dofir hu mir fir en aneren Message gesicht. Bis dass den Cousin vum Atra gefuer komm ass an eis gefroot huet op mir den Atra scho gesinn hätten. Dun hu mir eraus fonnt, dass mir do eran sollen goën. Dunn hu mir am Gaart eisen Biwak opgeriicht. Dono konnte mir raschten bis dass mir z'lessen kruten. Nom lessen hu mir e Feier gemaach an e puer Leit hunn e Spill gespillt. Nom Spill hu mir Marshmellow um Feier gemaach. Duerno si mir schlofen gaangen.

Julien Wald



Rapport Wellefcherssortie

Wellef



Rapport Explorer Ouschtercamp Explorer

1.Dag 12. Abrëll 2014

Samstes hu mir eis alleguer um 2 virum Home getraff. Als éischt hun mir eist Gepäck an eis Veloën verstaute fir dann de Cheffen eng Hand mat unzepaken.

Duerno hu mir aus verschiddenen Hiemer, Boxen an Strëmp, déi mir an eis Cheffe matbruecht hun, versicht eis eng Uniform ze maachen sou wéi Scouten se virun honnert Joër gedroën hun. Nodeems mir dann mat e puer Schwieregkeeten alles fonnt haten, hu mir eis zeréck gezunn fir eis 3 Sketcher ze prouwen. Dës Sketcher hun mir viirbered fir den Elteren ze weisen wéi mir gegrënnt gi sinn.

Wéi d'Elteren du komm sinn, hu mir eis prett gemaach an wéi se alleguerten do waren hu mir ungefaang mat eisem éischte Sketch. Beim éischte Sketch hu mir 4 Jonker gespillt déi vun de Scouten héieren hun an och mol matmaache wollten. Nom éischte Sketch si mir da séier zum nächste Stand gaangen an hun do op d'Leit gewaart fir hinnen dann deen 2 Sketch virzespillen. Am 2. Sketch hu mir ronderëm d'Feier Lidder gesongen. Duerno sinn mir da bei den 3. an leschte Stand gaangen wou mir dann d'Scoute gespillt hun, déi op engem Camp sinn. Nodeems dann all Mënsch do war an eise Prääsident an d'Verstrieder vun der Chamber an der Stad eis gratuléiert hun, hu mir nach owes gutt gefeiert an hun eis dann an d'Bett geluecht.

Adrien Flammang
Unitéit Smilodon



2.Dag 13. Abrëll 2014

Gëscht nach déi grouss 100-Joer Feier, haut gëtt ugerappt! Nodeems de Baloo eis wakreg gekusst huet, hu mir eis un den Kaffisdësch gesat an Cornflakes giess. Moies no sou engem Fest geet et wéi gewinnt schon mol dacks méi lues, dowéinst sinn och d'Explorer mat Retard un den Start gaangen. Mat eise Veloën si mir also déi éischt vun den zum Schluss ongeféier 160 Kilometere gefuer. Mam Lift erop an d'Stad wor nach lëschtég.

Ech hätt mir net virstelle kënnen, dat ech lo hei, fënnef Deeg dono, sou futti a midd géing sëtzen, den Rapport ze schreiwen. Mais elo fänken mir mol vu vir un. Mir tuckelen also gemittlech duerch d'Stad, de Kierchberg erop, an hu schon éier mir den éischten Veloswee gesinn den éischte vu ville Platten. De Sam ass et geroden, a mir hunn an der Sonn mol eng kleng Paus an eng Foto mat der „Honnert“ gemaach. Sou lo hu mir jo awer och nees Zäit gewonnen, well mir jo kënneg sinn. Laanscht d'Luxexpo op de Sennengerberg an Diretkioun Hueschterter Foussballsterrain war jo kee Problem. Dichteg wéi ech sinn hunn ech si op Hueschtert gefouert. Do war awer keen Terrain. Kuerz mengem Papp ugeruff. Hmm...Awer deen Terrain do uewen. Also d'Veloën nees den Bierg op gedréckt, an de Message um Hueschterter Terrain gesicht.

Déi nächst Statioun war op der Schanz, wou mir mat der dausendjähreger Eichel eng Foto gemaach hunn. Dono ass et op Heeschbreg gaangen, do an der Géigend hu mir et eis an enger Hiel gemittlech gemaach. Den Inspector Gadget huet, nodeems d'Këschen erop geschleeft goufen, geléiert wéi een e Spiess mécht. Dono hu mir gemittlech e Wupp (ouni Zooss) giess. Nodeems jiddereen séng Geschichte gezielt hat, hu mir eis an d'Schloofsäck geluegt. Mir lounge gemittlech do, hunn an d'Flame gekuckt bis d'Aen midd, d'Bild dréif, d'Been schwéier gi sinn, a mir fiederlicht an de Schlof gefall sinn.

Pitt Sietzen
Unitéit Smilodon

Rapport Explorer Ouschtercamp Explorer

3. Dag 14. Abrëll 2014

Moies si mir um 8 opgestan an hun als éischt eist Feier erëm ungemach fir Kaffi an Téiwaasser ze maan. Nom Moiesiessen hu mir dann alles angepak an hun eis erëm op eis Vëloë gesat. Mir sinn da mam Vëlo bei een Duerf no bei Zëtteg gefuer fir do op engem Päerd ze reiden. Mir hun eist Päerd gebotzt, gesuedelt an hun eis da mat hinnen op e Wee vun 2 Stonne gemaach. Nodeems mir da gutt den Hënner wéi haten, hun mir dann zu Mëtteg giess. Duerno si mir dann erëm mam Vëlo lassgefuer. Well mir méi Zäit mat de Päerd verbruecht hun, hu mir den Rescht vum Trajet bis op lechternach mam Vëlo misste fueren. Owes hun mir dann an enger méi aler Holzhütt zu lechternach den Owend auskléngen gelooss.

Eric Macé
Unitéit Smilodon



4. Dag 15. Abrëll 2014

Moies si mir um 8 opgestan an hun dann zesumme Kaffi gedronk. Duerno hun mir dann eis Saachen zesumme gepak, hun alles gebotzt a sinn dann mat eise Cheffen zesummen op d'Vëloë geklomm a si Richtung Waasser gefuer. Do hannen zu Dillingen ukomm, hu mir da Schwamm-Westen ungedoen a sin dann zu 2 an 2 an ee Kayak geklomm. Du si mir vun Dillingen op lechternach mam Kayak gefuer. Obwuel et naass an kal war, huet et awer vill Spaß gemaach an no 2 Stonnen si mir dann och ukomm. Zu lechternach hu mir eis da gedréchent an hun zu Mëtteg giess. Da si mir nach en Deel mam Vëlo gefuer op Henkel an duerno ze Fouss weidergaang bis op Mompech. Do hu mir dann an enger hallef oppener Bëschhütt iwwernuecht.

Sam Schmit
Unitéit Smilodon



5. Dag 16. Abrëll 2014

Moies si mir géint halwer 9 opgestanen an hun zu Moie giess. Du si mer op de Vëlo geklommen a si laanscht d'Sauer an d'Musel bis op Wecker gefuer. Do hu mir dann mat e bësse Verspéidung zu Mëtteg giess. Nom lesse si mir rëm op de Vëlo geklommen an hun de Wee op Bouneweg an Ugrëff geholl. Trotz zwee Platten ënnerwee sinn mer wuelbehale géint halwer 6 bei eise Scoutshome ukomm. No der Chaine des adieux si mer dann heemgaang mat Viirfreed op eng gutt Dusch ☺

Catherine Heinen
Unitéit Smilodon



Dem LIB séng Sait: klenge Gehirnjogging

Magisches Quadrat
Magisches Quadrat
Magisches Quadrat
Magisches Quadrat



Welche Zahlen muss man in die leeren Kästchen eintragen, wenn bei allen 4 magischen Quadraten waagerecht und senkrecht sich die Summe 15 ergeben soll?



4				1		5
	7					
		6				6
7		1		3	6	
	3					7
		9		6		2

vill



MIKADO

Male alle Stäbchen,
die einen
schwarzen Punkt haben,
farbig an und du
erkennt das Lösungswort.



> ganz speziell
den Sechser-

1	3	5		3	4		
6		4		1		3	6
		3	5	5	2		
5	4					4	2
	1		4	5	6	3	
5		6	1			5	6

et schéngt

et schéngt

- 1) Wéi wann de kleng Finn an d'Kaweechelchen um Camp eng besser Strategie beim Wikingerschach haten.
- 2) Wéi wann de Lions Bleus hir Promesse e vollen Erfolleg fir de Groupe a gutt ukomm war.
- 3) Wéi wann eist Kaweechelchen altersbedéngt huert missten gepimpt gin.
- 4) Wéi wann d'Explorer e flotte Centenaire's-Hike haten.
- 5) Wéi wann op esou engem Hühkocko reiden relativ ustrengend wier.
- 6) Wéi wann de Mister APL gleich alleng an de schwäizer Bierger géif setzen.
- 7) Wéi wann elo iwweeall BBQ Time ugeet.
- 8) Wéi wann eist Kaweechelchen an der Klinik war an am Ersatzdeellager gewullt hätt.
- 9) Wéi wann de Paradiesvillchen op den Hond komm wier.
- 10) Wéi wann och d'Joër fläisseg Waasser un d'Leefer vum Urban Trail verdeelt gi wier.
- 11) Wéi wann et téscht engem Bloë Léiw an engem Wisel zu Kierperkontakt komm wier.
- 12) Wéi wann d'Explorer sech eppes fir de Faakelzuch ausdenken.
- 13) Wéi wann um Together och Kanner kënne matgoen.
- 14) Wéi wann de grouse Camp 2015 viru sech hischleeft.
- 15) Wéi wann d'Hoga an d'Lions Bleus den 1. Mee fréi op waren.
- 16) Wéi wann eist Kölner Madel gleich Verstärkung kritt.
- 17) Wéi wann eis zukünfteg Forensikerin vu Lausanne mat sengem Amore op de Summercamp kennt.
- 18) Wéi wann eise Bréisseler Brain gut téscht Fräizäit a Studien kéint ënnerscheden.
- 19) Wéi wann eist Wiener "Meedchen" en neie Wunnsetz doënnen huert.
- 20) Wéi wann dat hei dee leschten "Et schéngt" vun deser Editioun wier.

et schéngt net nëmmen

et schéngt net nëmmen

- 1) Wéi wann si d'Nerve behalen hun an de Junior vum Haff an den R. Nadal dofir platt gemaach goufen.
- 2) Wéi wann d'ëst nëmmen de Startschoss wor fir e laangen an flotten Centenaire-Jores-Programm.
- 3) Wéi wann hatt dono erem vu Baam zu Baam sprang kéint.
- 4) Wéi wann et herno amplaaz 100 km et der 160 waren.
- 5) Wéi wann d'Explorer hiren empfindlechen Babypo hätten dono misste gepuddert kréien.
- 6) Wéi wann säi Kolleeg e Joër laang Insekten zu Singapur op der Uni géif verspeisen.
- 7) Wéi wann déi Lausanner demnächst all d'Lions Bleus op eng Grillparty géifen invitéieren.
- 8) Wéi wann hatt elo nees vill méi Zait hätt.
- 9) Wéi wann de Baloo nach misst d'Versprache maachen wann en 2 Fangeren an d'Luut hale kann.
- 10) Wéi wann suguer ee mat Äis versuergt gi wier.
- 11) Wéi wann een zwee Kussibussien vill Leit zum Kache bruecht hätten.
- 12) Wéi wann de Weenchen mat Pyrotechnik an Lightshow géif gepimpt gin.
- 13) Wéi wa fir d'Kanner eng Crèche opgemaach gëtt.
- 14) Wéi wann een mol nees misst eng Versammlung maachen.
- 15) Wéi wann sie en 100. Meekranz gemaach hätten.
- 16) Wéi wann e weidert Madel mat sengem breede Kolleeg elo eng Wunneng zu Köln wéilt sichen.
- 17) Wéi wa mir bei de Wëllef schwäizer Präzisionsnnerstetzung kréien.
- 18) Wéi wann no engem Dag Feieren emmer een Dag Léiere géif kommen. An d'ëst am 2 Woche-Rhythmus.
- 19) Wéi wann säi Balkon méi grouss wier wéi d'Wunneng selwer.
- 20) Wéi no villem Nofroen nach ëmmer keng Äntwert vu ville Leit koum...

3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

mee'14	
Do	1
Fr	2
Sa	3
Patrull Leadershipsortie Harry&Aleksis BV on tour (FNEL)	
So	4
Me	5
Dë	6
Më	7
Permanence	
Do	8
Fr	9
Sa	10
Patrull	
So	11
FNEL Veillée100 Mersch	
Me	12
Comité	
Dë	13
Më	14
Permanence	
Do	15
Fr	16
Sa	17
Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer	
So	18
Me	19
Dë	20
Më	21
Permanence	
Do	22
Fr	23
Sa	24
Leadershipsortie Justin&Felix RO-Weekend 100	
So	25
RO-Weekend 100	
Me	26
Dë	27
Më	28
Permanence	
Do	29
Fr	30
Sa	31
Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer FNEL Veillée100 Dudelange	

juni'14	
So	1
Me	2
Dë	3
Më	4
Permanence	
Do	5
Fr	6
Sa	7
Gr-Pëngschtcamp LBB100	
So	8
Gr-Pëngschtcamp LBB100	
Me	9
Gr-Pëngschtcamp LBB100 Pëngscht-Sortie BV LBB100	
Dë	10
Gr-Pëngschtcamp LBB100	
Më	11
Do	12
Fr	13
Sa	14
So	15
Me	16
Buttonsdag LBB100 Comité	
Dë	17
Më	18
Permanence	
Do	19
Fr	20
Wandrouseinsendeschluss	
Sa	21
So	22
Faackelzuch & LBB Grill	
Me	23
Dë	24
Më	25
Permanence	
Do	26
Fr	27
Wandrousredaktionsschluss Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer	
Sa	28
So	29
Me	30

juli'14	
Dë	1
Më	2
Permanence	
Do	3
c	
Fr	4
Sa	5
Bayrëschen - Owend Lëiwefest LBB100	
So	6
Me	7
Dë	8
Më	9
Permanence	
Do	10
Fr	11
Sa	12
So	13
Me	14
Comité	
Dë	15
Më	16
Do	17
Summercamp 'together'	
Fr	18
Summercamp 'together'	
Sa	19
Summercamp 'together'	
So	20
Summercamp 'together' POW-WOW	
Me	21
Summercamp 'together'	
Dë	22
Summercamp 'together'	
Më	23
Summercamp 'together'	
Do	24
Summercamp 'together'	
Fr	25
Summercamp 'together'	
Sa	26
Summercamp 'together'	
So	27
Me	28
Dë	29
Më	30
Do	31

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fnel   
scouts & guides



100 Joer aal
an emmer prëtt



* THAT'S ALL FOLKS